



Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- M. Mars Di Bartolomeo, Président

2. 7283 - Projet de loi portant modification:

1° de la loi modifiée du 18 décembre 1987 organisant le centre thermal et de santé de Mondorf-les-Bains;

2° de la loi modifiée du 26 mars 1992 sur l'exercice et la revalorisation de certaines professions de santé;

3° de la loi modifiée du 11 août 2006 relative à la lutte antitabac;

4° de la loi modifiée du 14 juillet 2015 portant création de la profession de psychothérapeute

- *Rapport de la Commission de la Santé, de l'Égalité des chances et des Sports: M. Georges Engel (intervention de Mme Nancy Arendt)*

- *Discussion générale: Mme Françoise Hetto-Gaasch, M. Gusty Graas, Mme Josée Lorsché, M. Fernand Kartheiser, M. Marc Baum*

- *Prise de position du Gouvernement: Mme Lydia Mutsch, Ministre de la Santé*

- *Mme Nancy Arendt (parole après ministre), Mme Françoise Hetto-Gaasch (parole après ministre), Mme la Ministre Lydia Mutsch*

- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

3. 7277 - Projet de loi portant approbation de la Convention de coopération entre le Grand-Duché de Luxembourg et le Royaume de Belgique en matière de médicaments et de produits de santé, fait à Luxembourg, le 17 janvier 2018

- *Rapport de la Commission de la Santé, de l'Égalité des chances et des Sports: Mme Cécile Hemmen*

- *Prise de position du Gouvernement: Mme Lydia Mutsch, Ministre de la Santé*

- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

4. 7004 - Projet de loi modifiant

1. le Code de la sécurité sociale;

2. la loi du 27 juin 2018 ayant pour objet l'organisation de l'Université du Luxembourg;

3. la loi modifiée du 30 juillet 1960 concernant la création d'un fonds national de solidarité

- *Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale: M. Georges Engel*

- *Discussion générale: M. Paul-Henri Meyers, M. André Bauler, Mme Josée Lorsché, M. Marc Baum*

- *Prise de position du Gouvernement: M. Romain Schneider, Ministre de la Sécurité sociale*

- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

5. 6810 - Projet de loi relative à une administration transparente et ouverte

- *Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle: Mme Simone Beissel*

- *Discussion générale: Mme Diane Adehm, M. Alex Bodry (intervention de Mme Octavie Modert), Mme Sam Tanson, M. Fernand Kartheiser, M. David Wagner*

- *Prise de position du Gouvernement: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État (intervention de M. David Wagner)*

- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

6. 7220 - Projet de loi portant modification

1° du Code pénal;

2° du Code de procédure pénale;

3° du Nouveau Code de procédure civile;

4° de la loi modifiée du 31 janvier 1948 relative à la réglementation de la navigation aérienne;

5° de la loi modifiée du 19 février 1973 concernant la vente de substances médicamenteuses et la lutte contre la toxicomanie;

6° de la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat;

7° de la loi modifiée du 17 mars 1992 portant 1. approbation de la Convention des Nations Unies contre le trafic illicite de stupéfiants et de substances psychotropes, faite à Vienne, le 20 décembre 1988; 2. modifiant et complétant la loi du 19 février 1973 concernant la vente de substances médicamenteuses et la lutte contre la toxicomanie; 3. modifiant et complétant certaines dispositions du Code d'instruction criminelle;

8° de la loi modifiée du 14 juin 2001 portant 1. approbation de la Convention du Conseil de l'Europe relative au blanchiment, au dépistage, à la saisie et à la confiscation des produits du crime, faite à Strasbourg, le 8 novembre 1990; 2. modification de certaines dispositions du Code pénal; 3. modification de la loi du 17 mars 1992 1. portant approbation de la Convention des Nations Unies contre le trafic illicite de stupéfiants et de substances psychotropes, faite à Vienne, le 20 décembre 1988; 2. modifiant et complétant la loi du 19 février 1973 concernant la vente de substances médicamenteuses et la lutte contre la toxicomanie; 3. modifiant et complétant certaines dispositions du Code d'instruction criminelle,

en vue d'adapter le régime de confiscation

- *Rapport de la Commission juridique: Mme Sam Tanson*

- *Discussion générale: M. Gilles Roth (interventions de Mme Sam Tanson, M. Alex Bodry et M. Fernand Kartheiser), M. Marc Angel, Mme Simone Beissel (interventions de Mme Sam Tanson et M. Gilles Roth), M. Fernand Kartheiser (intervention de M. Gilles Roth), M. Marc Baum*

- *Prise de position du Gouvernement: M. Félix Braz, Ministre de la Justice*

- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

7. 7305 - Projet de loi

1° relative à la mise en application du règlement (UE) 2016/1103 du Conseil du 24 juin 2016 mettant en œuvre une coopération renforcée dans le domaine de la compétence, de la loi applicable, de la reconnaissance et de l'exécution des décisions en matière de régimes matrimoniaux et du règlement (UE) 2016/1104 du Conseil du 24 juin 2016 mettant en œuvre une coopération renforcée dans le domaine de la compétence, de la loi applicable, de la reconnaissance et de l'exécution des décisions en matière d'effets patrimoniaux des partenariats enregistrés; et

2° modifiant le Nouveau Code de procédure civile en y ajoutant un article 685-2ter

- *Rapport de la Commission juridique: Mme Sam Tanson*

- *Discussion générale: M. Laurent Mosar, M. Alex Bodry, M. Eugène Berger, M. Fernand Kartheiser, M. Marc Baum*

- *Prise de position du Gouvernement: M. Félix Braz, Ministre de la Justice*

- *M. Fernand Kartheiser (parole après ministre), M. le Ministre Félix Braz*

- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État; M. Félix Braz, M. Romain Schneider et Mme Lydia Mutsch, Ministres

(Début de la séance publique à 14.03 heures)

1. Ouverture de la séance publique

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Gudde Mëtteg! Ech maachen d'Sëtzung hei mat op.

Ech ginn net dovun aus, dass am Moment d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen huet?

► **Mme Lydia Mutsch**, *Ministre de la Santé*.- Neen, Här President.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Da gi mer direkt zum normalen Ordre du jour iwwer, dem Projet de loi 7283, wou et ënner anerem ëm d'Reglementéierung vum Beruff vum Osteopath geet. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den Här Georges Engel. Här Engel!

2. 7283 - Projet de loi portant modification:

1° de la loi modifiée du 18 décembre 1987 organisant le centre thermal et de santé de Mondorf-les-Bains;

2° de la loi modifiée du 26 mars 1992 sur l'exercice et la revalorisation de certaines professions de santé;

3° de la loi modifiée du 11 août 2006 relative à la lutte antitabac;

4° de la loi modifiée du 14 juillet 2015 portant création de la profession de psychothérapeute

Rapport de la Commission de la Santé, de l'Égalité des chances et des Sports

► **M. Georges Engel** (*LSAP*), *rapporteur*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, deposéiert gouf de Projet de loi 7283 den 18. Abrëll 2018. De Collège médical huet den 31. Januar 2018 en Avis dozou ginn, gradesou goufen et och Avise vum Conseil supérieur de certaines professions de santé, vum Conseil scientifique de psychothérapie an och vun der Chambre de Commerce. De Conseil d'État huet säin Avis ofginn den 10. Juli. Den 11. Juli gouf ech als Rapporteur genannt.

Ëm wat geet et bei deemem Projet de loi? De Projet de loi huet véier Objeten. Et ass kee Gesetz, wat e Gesetz fourre-tout ass, mä et ass awer e Gesetz, dat muss ee soen an dat ass och an der Kommissioun diskutéiert ginn, wat net ganz ideal ass. Wann ee véier esou verschidde Sujeten an ee Gesetz paakt, ass dat net ganz ideal. Fakt ass awer och, dass duerch déi véier Objeten d'Situatioun um Terrain verbessert gëtt. An duerfir ass dat awer ënnert dem Stréch eng gutt Saach.

Den éischte Punkt, den éischten Objet vun deemem Projet de loi: d'Legislatioun, wat de Centre thermal de santé vu Mondorf ugeet, dass do de Conseil d'administration soll eng Representatioun kréie vun der Gemeng vu Mondorf, wat och net méi wéi normal schéngt.

Den zweeten Objet ass deen, deen de Président elo grad ugeschwat huet, nämlech d'Revalorisatioun vu gewëssene Gesondheetsberuffer. An do kënnt dann och de Beruff vum Osteopath derbäi. Dir wësst, dass deen de Moment an enger zimlecher Grauzon läit an dass et do ëmsou méi wichteg ass, dass ee legifereiert an dass een hei eng kloer Struktur schafft.

Sou wéi eis an der Kommissioun gesot gouf, ass dat hei och mat der Association luxembour-

geoise vun den Osteopathen ofgeschwat. An d'Konfusioun kéint jo och kommen duerch e Mail, dee mer haut oder gëschter nach kritt hunn, deen awer erëm rektifizéiert gouf haut am Laf vum Dag, wou d'Associatioun awer gesot huet, dass e Gesetzesprojet u sech e gud-den Ufank wär, fir hir Situatioun ze regulariséieren. Dat ass och dat, den Objet, dee mat deemem Gesetz u sech erreecht soll ginn.

Den drëtten Objet vun deemem Projet de loi, dat ass am Kader vun der Lutte antitabac, d'Vente à distance an den Achat, deen hei zu Lëtzebuerg sollt gemaach ginn, dass dee reglementéiert voire verhënnert soll ginn.

An dee véierte Punkt ass am Kader vum Beruff vum Psychotherapeute, dass een de Médecins spécialistes an der Psychiatrie, déi eng Formatioun an der Psychotherapie hunn, och den Accès zum Beruff vum Psychotherapeute erméiglecht, an dat och no der Expiratioun vun den Dispositions transitoires.

Iwwregens mengen ech, ass et interessant, och an deemem Kader ze héieren, dass eng ronn 300 Psychotherapeute bis elo zougelooos goufen zu deem Beruff. Wou et haakt, dat ass e bësse bei de Modalitéite fir de Remboursement, déi nach musse gekläert ginn.

De Conseil scientifique vun der Psychotherapie huet och dese Projet de loi positiv aviséiert. Den Avis vum Conseil d'État, deen den 10. Juli koum, huet fir déi véier Punkte Folgendes gesot: „Et gëtt keen direkte finanziellen Impact op de Budget vum Stat, mä natierlech kéinten déi nei Prestatiounen, déi den Osteopath uginnt, natierlech à charge vun der CNS, der Caisse nationale de santé, goen an duerfir muss een dat och an deem Kader finanziell berechnen.“

De Statsrot huet keng Observatiounen, wat d'Representatioun am Centre thermal ugeet. En huet och, wat d'Reglementatioun vum Os-

teopath ugeet, keng Observatiounen. Wat den Tabak ugeet, huet e gesot, dass eng Reformulatioun misst gemaach ginn, gradesou wéi eng Reformulatioun misst gemaach gi fir d'Psychotherapie. Dat ass och esou iwwerholl ginn.

Wat beim Osteopath war, ass, dass de Statsrot Referenz gemaach huet op oder geschwat huet iwwert de Règlement grand-ducal. An et ass kloer, dass bei deem Règlement grand-ducal nach muss driwwer diskutéiert ginn, wéi dat genau soll oflafen. Dat ass dann d'Aufgab vun enger nächster Regierung. Wat hei gemaach gëtt beim Osteopath, dat ass, dass dese Beruff op d'Lëscht vun de Gesondheetsberuffer soll opgeholl ginn. Mir schafen also heimat d'Grondlag, fir dass iwwerhaupt Reglementer am Kader vum Osteopatheberuff kënne geholl ginn.

Et ass ganz kloer, dass heimadde en éischte Schrott, en alleréischten, en „alleralleréischte Schrott“, sou wéi d'Ministesch gesot huet an der Kommissioun, gemaach gëtt, fir dass mer iwwerhaupt emol iwwer all déi aner Sujeten, déi de Beruff vum Osteopath uginnt, kënne diskutieren.

Fir och direkt mat enger Fro opzeraumen, déi ëmmer erëm gestallt gëtt: Et ass kloer, dass d'Leit mat enger Prescription médicale weider kënne bei den Osteopath goen an dass déi och rembourséiert kënne ginn.

Et ass awer och kloer, dass d'Leit, déi keng Prescription médicale hunn, och weider kënne bei en Osteopath goen.

(Interruption par Mme Nancy Arendt)

An ob se herno rembourséiert ginn, Madamm Arendt, dat wäerten alleguer déi Negociatiounen mat sech bréngen, déi am Kader vun der Nomenclature nach musse gefouert ginn.

► **Mme Nancy Arendt** (*CSV*).- Ma da si mer gespaant!



► **M. Georges Engel** (LSAP) *rapporteur*.- Fir dass iwverhaapt déi Negociatioune gefouert kënne ginn, muss haut de Beruff op d'Lëscht vun de Professions de santé gesat ginn. Wann dat net gemaach gëtt, da kënne alleguer déi Diskussiounen, déi duerno kommen, iwverhaapt net stattfannen. An duerfir ass et wichtig, dass haut dese Schratt gemaach gëtt.

(Interruption)

Iwwregens wëssen d'Leit och alleguerten, déi jee eng Kéier bei engem Osteopath waren, dass et e wichtige Schratt ass, dass dese Beruff op d'Lëscht vun de Gesondheetsberuffer gesat gëtt. Do ginn et verschidde Meenungen hei am Sall, ech weess dat. Mä alleguer déi, déi eng Kéier bei engem Osteopath waren, déi wëssen, dass déi engem ganz vill kënne hëllefen, dass se et och evitéieren, dass een aner Schrëtt, aner chirurgesch Agrëff vläicht misst maachen oder dass ee Medikamenter misst huelen.

Also en Osteopath ass schonn eng Persoun, déi, wa se déi richtig Formatioun huet, engem ka ganz, ganz, ganz vill hëllefen, wann een e Problem huet. An duerfir ass, mengen ech, haut e wichtigen Dag am Kader vun deem Beruff, fir dass mer haut dese Beruff vum Osteopath op d'Lëscht vun de Professions de santé setzen.

Ech ginn domadder och den Accord vun der LSAP an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. An éischt Riednerin ass d'Madamm Hetto-Gaasch.

Discussion générale

► **Mme Françoise Hetto-Gaasch** (CSV).- „Wat hunn ech de Réck wéi“, klot deen een. „Waars de da scho bei engem Osteopath?“, fret deen aneren. Här President, léif Kollegeginnen a Kollegen, wie vun eis heibannen...

(Hilarité)

Wie vun eis heibannen huet net och schonn emol deen dote Saz héieren oder souguer selwer gesot?

An ech gi souguer nach e Schratt méi wäit: Wie vun eis war net emol scho selwer bei engem Osteopath, oder kennt een een, deen nach net bei engem war?

Ier ech awer elo weider op dese Punkt wëll agoen, wëll ech fir d'Éischt emol dem Rapporteur, dem Georges Engel, Merci soe fir säin exzellente schrëftlechen an och mëndleche Rapport.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et gëtt wierklech Zäit, dass mir eis Legislatioun un d'Realitéit upassen. Mä ech muss awer och soen, dass eis Fraktioun et wierklech schued fënnt, op wéi eng Manéier dass dat Ganzt elo geschitt. Mir hate wierklech fënnf Joer laang Zäit, fir dese wichtige Sujet vun der Osteopathie a Rou ze diskutieren a genee ze kucken, wéi mer de Beruff vum Osteopath kënne unerkennen.

Elo gëtt dës Professioun zwar reglementéiert, andeems se an d'Lëscht ageschriwwen gëtt vum 92er Gesetz iwwert den Exercice vun de Gesondheetsberuffer, allerdéngs iwwert de Wee vun engem Projet de loi, deen nach dräi total aner Objeten huet.

(Brouhaha et coup de cloche de la présidence)

A bis de Patient iergendwa ka rembourséiert ginn, wäert et nach ganz laang daueren. Ech komme spéider dorobber zrëck.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Mir sinn net um Maart!

► **Mme Françoise Hetto-Gaasch** (CSV).- Neen, effektiv, mir sinn net um Maart. Mir sinn hei an der Chamber.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Neen, et ass net un lech, wou ech mech riichten. E bësse Respekt virum Riedner!

► **Une voix**.- Très bien!

► **Mme Françoise Hetto-Gaasch** (CSV).- Merci, Här President. Wéi kann een iwverhaapt Osteopathie definéieren?

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Dat gëllt och fir lech dës Sait!

► **Mme Françoise Hetto-Gaasch** (CSV).- D'Philosophie vun der Osteopathie besteet jo doranner, dass de mënschleche Kierper als eng Unitéit ugesi gëtt an dass tëscht den Tensiounen an dem Desequilibrium op der Plaz x am Kierper ganz komplex Zesummenhäng besti mam Rescht vun eisem Organismus.

Wann alles an normale Bunne leeft an déi strukturell an och ernährungstechnesch Konditiounen stëmmen, ass eise Kierper ganz gutt à

même, sech selwer ze heelen. Wann et awer op iergendenger Plaz am Kierper Blockade gëtt, dann ass de Kierper a senger Selbstheilung geschwächt. Den Osteopath ass dann déi Persoun, déi hëllefe kann.

Den Osteopath schafft mat sengen Hänn fir den Diagnostic an awer och fir d'Therapie. Hie stellt fest, wou Spannunge virleien, an erkennt doduerch och déi gestéiert Funktiounen. An duerch seng Manipulatiounen reharmoniséiert hien déi Strukturen, déi aus dem Gläichgewicht gerode sinn. Alles in allem eng gutt Saach. Osteopathie huet och, sou wéi de Rapporteur et gesot huet, scho ganz ville Leit gehollef an och richtig guttgedoen.

Leider ass dee Beruff awer bis dato net reglementéiert, obwuel mer schonn zanter 17 Joer hei am Haus doriwwer diskutieren. Viru bal 17 Joer, de 27. Juni 2001, gouf et näamlech eng Interpellation sur les médecines alternative et préventive. Fir d'CSV huet deemools de Kolleg Jean-Marie Halsdorf Stellung bezunn. An et gouf festgestallt, dass et an aneren europäesche Länner scho Reglementatiounen gouf. Sou ass d'Osteopathie an England an an Irland schonn zanter '93 respektiv '94 unerkannt, an och aner Länner wéi Holland, Däitschland, Dänemark a Schweden, fir just déi ze nennen, erkennen déi eng oder aner alternativmedezinesch Praktike schonn zanter e puer Joer un.

Deemools an där Interpellatioun ass näischt Konkretes erauskomm, wéi de Jean-Marie Halsdorf dräi Joer méi spéit festgestallt huet an engem Débat d'orientation concernant la réglementation de certaines formes de médecines complémentaires ou non conventionnelles.

Hien huet och deemools op e Problem opmierksam gemaach, deen et bei eis gëtt, näamlech deen, dass mer eigentlech keng fiabel Statistiken, keng fiabel Donnéeën iwwert d'Alternativmedezinn hunn, zum Deel awer och doduerch bedéngt, well ganz vill Leit an d'Ausland ginn, fir sech do eben unhand vun alternativen Therapie behandelen ze loossen.

An och deemools gouf drop higewisen, dass een an deem Beräich ganz kloer Spillregele muss festleeën, fir auszuschléissen, dass hei onseriös Leit Sue verdéngen a Patienten a Gefor geroden. Dës muss näamlech déi éischt Suerg vun der Politik sinn. De Schutz vum Patient, dee muss am Mëttelpunkt stoen. Leit, deenen et net esou gutt geet - an ech mengen, dat wësse mer alleguer -, déi klamere sech ganz dacks un all Stréihallen, an der Hoffnung, erëm gesond ze ginn. An do kann et net sinn, dass iergendwelch Scharlatane sech mat dem Misär vun anere Leit beräicheren.

2004 ass och am Debat iwwert d'Psychotherapie als complémentaire Medezinn geschwat ginn. Do hu mer jo elo zanter 2015 endlech e Gesetz, och wa mer an der Praxis nach guer net beim Remboursement ukomm sinn an nach bis dato, no dräi Joer, keen eenzege Patient rembourséiert ginn ass, well d'Verhandlung mat der CNS nawell an enger Sakaass stiechen.

D'Konklusioun, déi dunn 2004 den deemolege Gesondheetsminister Carlo Wagner nom Debat gezunn huet, war, dass sollt gekuckt gi mat der deemoleger UCM, fir Akupunktur, Homöopathie, Osteopathie an och Chiropraktik als Akten unzërkennen, an dass se och sollten an d'Nomenclature opgeholle an och rembourséiert ginn.

Am Kader vun enger Question avec débat huet dunn 2007 den deemolege Gesondheetsminister Mars Di Bartolomeo d'Chamber driwwer informéiert, wou d'Regierung da mat der Emsetzung vun deem, wat 2004 festgehalte gi war, dru wier. Hien huet eis gesot, dass eng ganz Rei Consultatiounen stattfont hu mat Leit aus de concernéierte Milieuen, dass ee sech awer nach net ganz schlëseg wier, ob wéi ee Wee ee wéilt goen.

De Minister huet och deemools op eng Problematik higewisen, déi zemoos bei den Osteopathen laang am Mëttelpunkt vun den Diskussiounen stoung, näamlech hir Formatioun.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass vill Zäit verluer gaangen, an duerfir huet d'ALDO, d'Associatioun vun den Osteopathen hei vu Lëtzebuerg, d'Saach zum Deel emol selwer an d'Hand geholl.

2016 hu si eng Enquête bei 600 Persounen hei am Land lancéiert, fir erauszefannen, wéi hir Astellung par rapport zur Osteopathie wier. 58% vun de Leit soen do, dass si iwverzeegt sinn, dass déi konventionell Medezinn besser géif fonctionnéieren, wa se mat der onkonventioneller Medezinn géif zesummeschaffen.

43% vun de befroete Persounen waren och scho selwer bei engem Osteopath an 90% waren esou zefridde vun deenen, dass se gesot hunn, si géifen och nees bei hiren Osteopath zrëckgoen. 72% hu fonnt an där Untersuchung,

dass d'Osteopathie méi eng grouss Unerkennung misst kréien. Just 22% waren där Saach méi skeptesch géintiwuer.

Zwee Joer virdrun hat d'ALDO eng Enquête bei de Generalisten hei zu Lëtzebuerg lancéiert, fir och ze héieren, wéi si zur Osteopathie agestellt wieren. 600 Doktere waren ugeschriwwen ginn. Ee Véierel huet bei der Enquête matgemaach. Vun dësen Dokteren hu 66% hir Patiente schonn eemol bei en Osteopath verwisen a si stinn och der Osteopathie ganz favorabel géintiwuer.

Fir 82% vun den Dokteren allerdéngs ass eng Consultation préalable respektiv eng Prescription médicale wichtig. De Generalist ass nun eemol deen, dee säi Patient am beschte kennt, dee virun allem säin Dossier, seng ganz Krankengeschicht kennt, an doduerch dem Osteopath och muss ganz wichtig Informatiounen an och eventuell Kontraindikatiounen mat op de Wee ginn.

A mat dësen Informatiounen ass et dann um Osteopath, seng eegen Diagnos ze stellen a fir de Patient déi adaptéiert Therapie ze bestëmmen. Fir dem Patient optimal kënne ze hëllefen, ass den Austausch tëscht dem Osteopath an dem Dokter immens wichtig.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, haut stëmme mer e Gesetz, wou d'Professioun vum Osteopath reglementéiert gëtt. An dat ass och gutt esou. Hei gëtt festgehalen, dass den Osteopath, fir dierfen ze exercéieren, e Master an der Osteopathie muss hunn an donieft all Joers 40 Stonne Formation continue muss maachen. Domadder ass de Patient och sécher, vun engem geschoulte Gesondheetsberuffer behandelt ze ginn.

Et steet natierlech och weiderhi jiddwerengem fräi, bei den Osteopath ze goen, och ouni Prescription médicale, mä da muss de Patient seng Behandlung aus eegener Täsch bezuelen.

Et muss een awer och wëssen, och wann elo den Osteopath mat dësem Gesetz bei d'Professions de santé bäigeschriwwen gëtt, dass dat nach laang net heescht, dass d'Leit och mat Prescription ab muer hir Visitte rembourséiert kréien. Bis dohinner ass näamlech nach e ganz wäite Wee.

De Groupement vun den Osteopathe muss näamlech duerno d'CNS kontaktéieren, fir mat hir d'Negociatiounen unzefänken a fir dann eng Konventioun opstellen zu deene Prestatiounen, déi si kënne realiséieren. Soubal dann esou eng Konventioun ënnerschriwwen ass, gëtt d'Kommissioun vun der Nomenclature befaasst, fir d'Akten ze definéieren, déi vun der Krankekeess iwverholl ginn. Dat wäert also nach eng gutt Zäichen daueren. Bei de Psychotherapeuten daueren dës Verhandlungen elo schonn dräi Joer.

Dobäi muss ee sech och froen, ob et iwverhaapt esou wäit kënnt. Well gëschter Owend krute mer jo elo matgedeelt, dass d'ALDO Bedenken huet, dass se jeemools als Profession indépendante oder de première instance kënne schaffen, wa se just nëmmen op d'Lëscht vun de Professions de santé gesat ginn. Deemno ass et fraglech, ob se iwverhaapt an d'Negociatiounen do eraginn, wat natierlech immens schued wier fir de Patient. Mä do hu mer elo an engem neie Mail jo matgedeelt kritt, dass d'Ministesch hinne jo assuréiert huet, wann ech dat richtig verstanen hunn, dass ee rembourséiert gëtt och ouni Prescription médicale.

Ech mengen, mir haten dat an der Kommissioun e bëssen aneschtens verstanen, an ech wier do och ganz frou, wann d'Ministesch eis dat herno géif richtig erklären.

(Interruption)

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Situatioun vun deene Leit ze regulariséieren, déi d'Exigence vun der Formatioun net erfüllen, also kee Master an der Osteopathie hunn, gëtt et eng Transitionphas vu sechs Méint. Bannent dese sechs Méint kënne si eng Autorisation d'exercer als Osteopath ufroen. D'Konditioun ass, dass se schonn zënter zéng Joer als Dokter oder Masseur-kinésithérapeute geschafft hunn.

Hei ass et also net kloer, inwiefern si an der Osteopathie eng Ausbildung hunn,...

(Interruption)

...an et ass och net gewosst, ob si an deem Domän déi néideg Kompetenzen hunn.

Nach ee Wuert zum Avis vum Conseil d'État. De Règlement grand-ducal beschreift jo, ënner wéi enger Konditiounen en Osteopath däréi exercéieren an och, wéi eng Behandlungen en iwverhaapt dierf maachen. De Conseil d'État, deen hat sech dat ugekuckt a mécht do awer drop opmierksam, dass et sech heibäi ëm en Domän vun der Santé an och ëm eng Profession indépendante handelt, wat eng Matière réservée à la loi ass.

De Conseil d'État huet do suggeréiert, de Statut an och d'Attributioun vum Osteopath an e Gesetz anzeschreiwen, fir net verfassungswiddreg ze sinn. D'Ministesch kann eis vläicht herno nach eemol erklären, wisou d'Regierung net op de Wee gaangen ass, fir en eegent Gesetz fir den Osteopath ze schreiwen, sou wéi si dat och fir de Psychotherapeut gemaach huet, dee schlisslech och e Master als Viraussetzung huet, fir kënne ze exercéieren.

Eng weider Fro un d'Ministesch ass dann déi hei: Am Moment berechnen d'Osteopathe jo 17% bei der Consultatioun un TVA dobäi, a si wëllen eigentlech gäre wëssen, ob dat och esou bleift oder ob dat och Negociatiounsaach ass. Well déi 17%, ech mengen, dat wësse mer alleguer, déi schrauwen natierlech de Präis an d'Luucht a maachen doduerch d'Soinen och manner accessibel fir jiddwereen. Positiv allerdéngs un der TVA ass, dass jiddweree seng Akte muss officialiséieren.

Dës gesot, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, well mir der Meenung sinn als CSV, dass et souwuel fir d'Patient wéi och fir déi Leit, déi de Beruff vum Osteopath ausüben, wichtig ass, dass d'Politik sech der Realität vum Terrain upasst, wäerte mir als CSV dësen Text matstëmme, a selbstverständlech stëmme mer domadder och déi aner dräi Punkte mat, näamlech de Volet vum Domaine thermal, wou e Member aus dem Schaffen- a Gemengerot vun der Gemeng Munneref wäert am Conseil d'État dierfe mat représentéiert sinn, natierlech och den Ajout...

(Interruption)

Wat hunn ech gesot?

► **Une voix**.- Conseil d'État!

► **Mme Françoise Hetto-Gaasch** (CSV).- Neen, pardon, Conseil d'administration selbstverständlech!

(Hilarité)

...natierlech och den Ajout zum Antitubaksgesetz, woumadder mer d'Vente à distance vun Tubaksprodukter an och der elektronischer Zigarett verbidden, an de véierte Punkt, woumadder mer de Psychiater, den Neuropsychiater an de Kannerpsychiater am Fong geholl autoriséieren, als Psychotherapeut ze schaffen, ënnert der Konditioun, dass en eng spezifesch Formatioun vu 450 Stonnen an der Psychotherapie gemaach huet.

Dës gesot, soen ech lech all villmools Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och. An nächste Riedner ass den Här Gusty Graas.

► **M. Gusty Graas** (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Madamm Minister, dat hei ass e Gesetz mat véier Voleten, och wa sech hei virun allem op ee Volet fokusséiert gëtt, wat awer selbstverständlech ze verstoen ass.

Ech wéilt awer fir d'Éischt ufänke mat deem Volet, deen de Verrieder vun dem Schäfferot vun der Gemeng Munneref an dem Domaine thermal ubelaangt. Ech géif soen, dat ass eng Decisioun, déi ass iwverfällg. Well wann ee gekuckt huet, wéi d'Relatioun tëscht der Gemeng Munneref an dem Domaine thermal an all deene Jore war - den Domaine thermal feiert elo 30 Joer, Här Buergermeeschter! -, dann huet ee sech natierlech oft d'Fro gestallt, firwat datt net bis dato e Member vum Schäfferot an deem Verwaltungsrot vertruede war, wann ee kuckt, wat u sech déi enk Relatiounen waren. Ech denken zum Beispill un de Klänge Brill, ech denken un déi gemeinsam Iwwerschwemmungsschutzmoosnamen, déi geholl gi sinn. Ech denken un déi Moosnamen, déi um Niveau vum Tourismus geholl gi sinn.

Et ass mer och gesot ginn, datt de Verwaltungsrot net ëmmer konnt tagen, well de Quorum vläicht net ëmmer gestëmmt huet. An dowéinst ass dat jiddefalls haut eng iwverfällg Decisioun, déi mer huelen, fir datt eben och elo emol endlech definitiv e Member vum Schäfferot vun der Gemeng Munneref an dem Verwaltungsrot vun dem Domaine thermal ass.

Den zweete Volet, dat ass natierlech deen, dat huet een elo schonn hei eraushéieren, wou et ëm d'Osteopathie geet, wou et ëm d'Unerkennung vun den Osteopathen als medezinesche Beruff ugeet.

Elo gi jo d'Meenungen e bëssen auserneen. Ech maachen och keen Heel draus, datt et déi eng oder aner Stëmme och a menge Reie gëtt, vu menger Partei, déi do e bësse méi Reserven hunn aus deem engen oder anere Grond. An dat ass och gutt, datt ee sech doriwwer da seng Gedanke mécht. Well wann een dat Ge-



setz hei e bëssen am Fong kuckt, da kéint een dat bal vergiessen, datt hei jo awer eng wesentlech Decisioun geholl gëtt, wat eben d'Reconnaissance vum Beruff vun den Osteopathen ubelaangt. Dat gëtt just duerch en neien Tiret am Artikel 1 vum Gesetz vum 26. Mäerz 1992 gemaach, andeems datt einfach praktesch just ee Wuert derbäikënn.

Déi Effete vun där Decisioun, déi mer haut huelen, déi sinn natierlech ouni Zweifel wäitreechend. Mir hunn de Moment plus ou moins 60 Osteopathen hei zu Lëtzebuerg. Et soll ee mat Sécherheet dat net a Fro stellen, déi Aarbecht, déi vun Osteopathen hei zu Lëtzebuerg gelescht gëtt, déi mat Sécherheet och deem engen oder anere scho vill gehollef hunn. Mä et ass awer derwärt, datt ee sech méi am Detail, méi am Fong domat auserreesetzt, wéi déi Professioun soll an Zukunft hei zu Lëtzebuerg unerkannt ginn an och geregelt ginn.

1874 ass jo an den USA u sech d'Osteopathie erfonden ginn, kann ee soen, duerch den Dokter Andrew Taylor (veuillez lire: Andrew Taylor Still). An um Ufank vum 20. Johonnert koom dunn dat och hei op Lëtzebuerg. An England war u sech 1993 dat éischt Land, wat um europäesche Kontinent d'Osteopathie fir d'Éischt offiziell unerkannt huet.

Et dierf een natierlech och net vergiessen, datt am Koalitiounsprogramm vun der Regierung jo och stoung, datt mer géifen do Efforte maachen, dat mer géife versichen, d'Reconnaissance vun den Osteopathen als medezinnesche Beruff duerchzeféieren.

Well de Moment nach näischt u sech reglementéiert ass, besteet natierlech och d'Gefor, datt en Accès zum Beruff ass, deen net staark genuch reglementéiert ass. Dat ass ni gutt, besonnesch, wa mer am Beräich vum Gesondheitswiese sinn. Dat gëtt u sech elo duerch dat Gesetz hei geännert an dat ass vum Prinzip hier och ouni Zweifel ze begrëissen.

D'Zil muss natierlech sinn, datt de Patient hei am Vierdergrond steet an datt eng sécher Prise en charge och an Zukunft garantéiert ass. Mir wëssen, datt hei zu Lëtzebuerg keng Osteopathen ausgebilt ginn. De Moment ass et esou, datt déi Osteopathen, déi hei zu Lëtzebuerg da praktizéieren, hir Formatoun entweder an Däitschland oder an der Belsch kruten. An der Belsch zum Beispill muss een e Master vu sechs Joer maachen. Wat awer e bësselche bizarre ass, kann ee soen, ass, datt deen Diplom selwer jo an der Belsch net unerkannt gëtt.

Wou natierlech awer herno d'Musek gemaach gëtt, dat ass um Niveau vum Règlement grand-ducal, an dat ass och hei schonn erwänt ginn. Mir haten och schonn driwwer diskutéiert, ënner wat fir enger Form de Beruff soll herno kënnen unerkannt ginn, an dann natierlech awer och virun allem iwwer déi Période transitoire, déi elo virgesinn ass, fir eenzelne Leit, déi elo d'Osteopathie an deene leschten zéng Joer ausgeübt hunn, iwwert de Wee vu gewëssene Kritären d'Méiglechkeet ze ginn, herno och da kënnen de Beruff offiziell auszeüben.

Dir verstitt, datt do natierlech gewësse Fro gestallt ginn. Ech mengen, eng Fuerderung, déi mir als Demokratesch Partei stellen, an déi ass awer allgemeng, déi géllt net nëmme fir dee Berufsstand hei: Wa mer Regulariséierung maachen, dann ass eis Fuerderung jo ëmmer ganz kloer, datt awer ëmmer eng optimal Formatoun muss garantéiert sinn an datt ëmmer muss garantéiert sinn, datt och déi Leit, wa se herno dee Beruff ausüben, awer och déi maximal Formatoun kritt hunn. Et ass och dowéinst, wou ebe bei eis gewësse Reserven herno bestanen hunn.

Ech wëll dann awer och soen, datt mir et am Endeffekt awer begrëissen, datt elo hei eng Base légale geschaf gëtt, fir de Beruff vum Osteopath ze regulariséieren, ze akzeptéieren, eng Reconnaissance ze maachen, well et jo awer wichteg ass, datt och déi Form vu medezinneschem Beruff hei zu Lëtzebuerg eng Basis an deem Sënn kritt, well mer jo awer wëssen, datt et an der Medezinn net onwesentlech ass, datt et Leit gëtt, déi déi Praxis, kann ee soen, ganz kloer beherrschen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bis elo ass, wéi gesot, opgefall, datt et sech reng nëmme den e Volet Osteopathie hei alles gedréit huet. Mä et si jo awer och nach zwou aner Saachen, déi hei emgeännert ginn, ënner anerem d'Fëmmgesetz, och wann dat nëmme e klengen Detail ass. Mä et geet jo awer och ëm d'Vente à distance.

Ech wëll vläicht awer vun der Geleeënheet profitéieren, Madamm Minister, fir ze froen, ob Der eis hei awer vläicht schonn en éischten

Tëschebilan kënnt ënnerbreeden, wat d'Effete vun deem neie Fëmmgesetz sinn. Wat ee besonnesch géif interesséieren, dat ass natierlech: Wéi verhält et sech op de Sportstadien? Gëtt dat respektéiert, wa Manifestatiounen si vu Jugendlecher ënner 16 Joer? Gëtt do wierklech d'Fëmmverbuet da respektéiert? Wat sinn Är éischt Echoen?

Eng aner Fro ass déi, ob net vläicht emol driwwer nogeduecht gëtt, fir gegebenenfalls eng gewëssen Extensioun vum Fëmmverbuet ze maachen, well een dach regelméisseg och Kloe kritt, datt virun allem op Terrassen, wou och giess gëtt, nach ëmmer gefëmmt gëtt. Wéi ass do Är Astellung? Et wär vläicht net schlecht, och dat hei kënne gewuer ze ginn.

Da vläicht e lescht Wuert nach iwwert d'Psychotherapie. Ech mengen, och do schlësse mir eis als Demokratesch Partei dem Avis vum Conseil scientifique de psychothérapie un, deen och mengt, datt no enger Iwwergangsphas mussen Formatiounskritäre festgeluecht ginn, fir kënnen, wéi gesot, eng gutt Evaluatioun ze maachen.

Ënnert dem Stréch sti mir als Demokratesch Partei, wa mer och gewësse Reserven hunn, trotzdeem zu deem Gesetz, well et sech, wéi gesot, awer net nëmme ëm een Aspekt handelt. Mir ginn och eisen Accord.

Ech wëll awer net ofschléissen, ouni dem Georges Engel Merci ze soe fir seng verschidde Rapporten. Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och. An nächst Riednerin ass d'Madamm Josée Lorsché.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, et ass scho gesot ginn: Dese Projet de loi besteet aus véier verschiddeenen Dispositionen, déi u sech näischt mateneen ze dinn hunn, ausser datt se alle véier ënnert der Tutelle vum Santésministère stinn.

Och an eisen Aen ass dat net ganz glécklech, well an engem „Vide-grenier-“ oder „Fourretout-Gesetz“, wéi mer dat an der Kommissioun genannt hunn, keng Disposition richteg zur Geltung ka kommen, obwuel et sech awer ëm wichteg Themeberäicher handelt.

Ouni déi aner Punkte wëlle klengzerieden, stécht natierlech ee Punkt ervir. Et ass deen, datt d'Osteopathe mat deem Projet de loi als autonome Gesondheitsberuff definéiert ginn.

Datt mir dës Decisioun als Gréng ënnerstëtzen, läit op der Hand. Schonn zanter ville Jore plädéiere mir derfir, datt d'Osteopathie zu Lëtzebuerg unerkannt gëtt an domat aus der Grozong oder der Donkelkummer vun enger oneregelter Praxis erausgeholl gëtt. Och wann dese Schrëtt op der leschter Ligne droite vun der Legislaturperiod nach séier erfollegt, sou si mer awer frou, datt en iwwerhaapt erfollegt.

An eise Gesondheetssystem ass d'Osteopathie nëmlech längst keng marginal Niewenerscheinung méi, mä e feste Bestanddeel vun der Behandlung vu ville Leit, an dës jorelaang.

Dir Dammen an Dir Hären, net vill anescht wéi beim medezinnesche Cannabis streiden d'Fuerscher, mä och d'Schoulmedezinner nach ëmmer driwwer, ob genuch wëssenschaftlech Beweiser fir d'Wierksamkeet vun der Osteopathie virleien. Dowéinst geet d'Fuerschung iwwert d'Osteopathie ronderëm de Globus monter weider, an dat mat wuessendem Erfolg. Esou zum Beispill an Däitschland, wou déi däitsch Bundesärztekammer déi osteopathesch Behandlung vun engem Aarbechtskrees aus Neurologen, Orthopäden, Rehabilitationsdokteren a Juristen am Joer 2009 an enger breet ugeluechter Etüd bewäerte gelooss huet.

D'Konklusioun, op Lëtzebuergesch ausgedréckt, war déi, datt d'Osteopathie bei enger Rei ënnerschiddleche Gesondheitsstéierungen wierksam ka sinn. Carrement bewisen ass hir Wirksamkeet awer mëttlerweil bei Récken- a Gelenkproblemer, wou d'Wëssenschaftler a ganz vill Medezinner sech eens sinn.

Et ass also kee Wonner, Dir Dammen an Dir Hären, datt ëmmer méi Leit op dës Behandlungsmethod schwieren a Rot bei engem Osteopath sichen, sou eben och zu Lëtzebuerg. Den evidente Virdeel ass deen, datt d'Osteopathen op Medikamenter a chemesch Präparate verzichten an hir Patienten eenzeg an eleng mat den Hänn behandeln. Dobäi setze se op eng ganzheetlech Approche vum Mënsch. Si gesinn am Mënsch méi wéi d'Zomm vu sengen Organer, Schanken a Gelenker.

Schonn den alen Aristoteles huet mat Recht geschriwwen, datt de Mënsch a säi Kierper aus enger Villfalt vun Eenzelsystemer bestinn, déi souwuel a sech selwer wéi och mateneen harmonéiere mussen. Dat kléngt vläicht no Esoterik, mä et ass keng Esoterik.

D'Osteopathie ass näischt aneres wéi eng duuss Heelkonscht, déi d'Beweeglechkeet am Kierper iwwerprëft, fir d'Funktionsstéierungen ze detektéieren a se mat den Hänn ze behiewen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, an deem Kontext ass et mir wichteg kloerzestellen, datt mir als Gréng d'Osteopathie net als Alternativ zu der klasscher Medezinn ugesinn. D'Osteopathie ass fir eis och keng Noutfallmedezinn a keen Allheilmëttel.

Schwéier Krankheete wéi Kriibs, akut Infektiounen, Verletzungen a psychesch Stéierungen gehéiere ganz kloer weiderhin an d'Kompetenz vun engem Dokter. Anescht ass et awer bei de sougenannte parietale Stéierungen, déi d'Muskelen, d'Gelenker, d'Schanken an d'Bindegewebe betreffen, mä och bei de sougenannte viszerale Stéierungen vun den Organer. Laut ville Spezialisten, ëmmer méi Spezialiste stellt d'Osteopathie hei eng evidenzbaséiert Komplementarmedezinn duer, déi ville Leit hëlleft, ouni hire Kierper mat Chimie oder operativen Agréfer ze belastschen.

An ech denken, datt jiddwereen, deen d'Chance hat, duerch eng osteopathesch Behandlung op eng Operatioun verzichten ze kënnen, weess, vu wat ech hei schwätzen. Dobäi stellt sech déi leider nach ëmmer onbeäntwerbar Fro, wivill Récken- a Gelenkoperatiounen bis haut schonn zu Lëtzebuerg konnte verhënnert ginn alleng doduerch, datt d'Leit bei en Osteopath gaange sinn, a wivill Käschten eis Gesondheitskeess doduerch konnt aspieren, wuel wëssend, datt d'Patienten hir Behandlung aus der eegener Täsch bezuelen.

Dir Dammen an Dir Hären, domat kommen ech zu de Formalitéiten an de Regeln, déi nach ze kläre bleiwen. Vu datt dese Projet de loi sech jo just op d'Unerkennung vun der Osteopathie als Gesondheitsberuff limitéiert, bleift nach ze definéieren, wéi eng Formatoun verlaangt ass, fir dee Beruff an eise Land kënnen auszeüben.

Well et um Niveau vun der Formatoun international unerkannt Standarde gëtt, ware mir frou, vun der Madamm Minister ze héieren, datt d'Formatoun deene Standarden an Zukunft muss entsprechen. Hei dierfe keng Kompromisser gemaach ginn, well nëmme dann ass d'Qualitéit geséichert, d'Qualitéit an der Behandlung an d'Sécherheet fir de Patient.

En anere wichtige Volet, Dir Dammen an Dir Hären, deen nach ze kläre bleift, ass dee vum Remboursement, deen och schonn e puermol hei ugeschwat ginn ass. Hei geet et jo drëms sécherzestellen, datt all Mënsch, deen op d'Osteopathie als Behandlung wëllt setzen an op eng Behandlung ugewisen ass, dës Behandlung vun der CNS zréckbezuelt kritt. Nëmme esou kann en Zwouklassesystem verhënnert ginn. Momentan ass et jo esou, datt déi eng sech osteopathesch Behandlung kënne leeschten, während déi aner net déi néideg Mëttelen duerfir hunn a ganz einfach dowéinst op eng Behandlung verzichte mussen.

An deem Kontext hoffe mir natierlech, datt d'CNS beim Remboursement vun der Osteopathie méi flénk a méi flexibel gëtt wéi bei der Psychotherapie, wou scho virun iwwer dräi Joer e Vott stattfonnt huet, awer nach ëmmer kee Remboursement méiglech ass. An eisen Aen ass dat bedauerlech. Et féiert awer och zu der prinzipieller Fro, ob et net un der Zäit ass, der Gesondheitskeess hir restriktiv Remboursementspolitik ze iwwerdenken, wann et ëm alternativ oder komplementär Behandlungsmethoden geet. An anere Wieder: De Remboursement vun neie Methoden, wéi ebe grad deene vun der Osteopathie oder der Psychotherapie, dierf net um Wëlle vun enger klasscher agestallter CNS scheitern.

Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer ofschléissend zu deem Volet nach eng Remark, wat déi beruflech Klasséierung vun der Osteopathie ugeet! Et ass scho gesot ginn: Net méi spéit wéi gëschter Owend huet de President vun der ALDO, der Associatioun vun de Lëtzeburger Osteopathen, sech bei enger Rei Deputéierten zu Wuert gemellt. Si hunn an hirem Mail geschriwwen, datt d'Weltgesundheitsorganisatioun d'Osteopathie als eegestänneg Komplementarmedezinn ugesäit, a si verlaangen dann och, datt si de Statut vun engem medezinnesche Beruff solle kréien.

Dir Dammen an Dir Hären, mir verstinn der ALDO hir Suerg. Mir mengen awer, datt dës Suerg muss relativéiert ginn. Am Mammeland vun der Osteopathie, den USA, gëtt se jo schonn zanter méi wéi 130 Joer erfollegräich ausgeübt nom sougenannte Prinzip vun den „first contact practitioners“, dat heescht, d'Osteopathe sinn déi éischt Ulaftell fir e Patient.

An den USA sinn d'Osteopathen och an deem Sënn vollwäerteg Dokteren, déi den Titel D.O., „Doctor of Osteopathic Medicine“, droen, also

dat, wat d'Osteopathen zu Lëtzebuerg och fuerderen.

Op där anerer Säit muss een awer dann och an eise Kontext unerkennen, datt d'Osteopathie mat deem Projet de loi zumindest zu engem autonome Gesondheitsberuff gëtt, dee Qualitéit wäert bidden.

All Mënsch, dee sech osteopathesch behandelé wëllt loosser, huet also d'Recht, dat ze maachen, ouni bei engem Dokter ze passéieren. An ech mengen, grad do läit d'Mëssverständnis an deene Maile vun der ALDO. Dee Moment bezilt de Patient seng Behandlung aus der eegener Täsch allerdéngs, mä wat awer näischt drun hënnert, datt d'Osteopathen déi éischt Ulaftell vun engem Patient dierfe sinn.

Déi prinzipiell Fro, déi eis an deem Kontext beschäftegt, ass notament déi vun der Nomenclature, déi och schonn opgeworf ginn ass, mä och déi, wivill Dokteren der Osteopathie iwwerhaapt positiv gesënnt sinn a wivill Dokteren iwwerhaapt bereet sinn, hir Patienten an déi Richtung ze orientéieren. Ech sinn iwwerzeugt, datt dës Doktere sech séier erauskristalliséieren, wuel wëssend datt a munche Kreesser nach ëmmer e battere Kampf géint d'Unerkennung vun der Osteopathie gefouert gëtt.

Dir Dammen an Dir Hären, alles dat si Punkten, déi mir haut net klären. Si dierfen an Zukunft awer net ignoréiert ginn. Fest steet jiddefalls, datt mir mat deem Projet de loi en éischten a ganz wichtige Schrëtt maachen, fir der Osteopathie dee Wäert zouzegestoen, dee se eigentlech scho laang verdéngt.

Dir Dammen an Dir Hären, nach just e puer Wieder zu deenen anere Punkte vun deem Projet de loi. Deen éischte betrëfft den Domaine thermal vu Mondorf, dee jo och Objet heivun ass an deem Sënn, datt d'Gemeng Mondorf d'Recht op e Vertrieeder am Verwaltungsrot soll kréien. Den Domaine thermal, deen dës Joer seng 30 Joer feiert, säin 30. Geburtsdag, steet virun enger déif gräifender Renovatioun an zitt trotz sengen deels veraltete Raimlechkeeten nach ëmmer eng 6.000 Kurgäschter am Joer un. Ech kucken op den Här Buergermeeschter. E kann et bestätegen.

Datt d'Gemeng eng Plaz am Verwaltungsrot verdéngt, ass fir eis nëmme logesch an normal, ëmsou méi, well d'Gemeng jo direkt implizéiert ass, wann et drëms geet, Chantieren ze geréieren, Parkraim an aner éffentlech Infrastrukture fir déi vill Gäschter an hir Kolleegen a Familljen zur Verfügung ze stellen.

Wat déi aktuell Zesummesetzung vum Verwaltungsrot ugeet, wëllt ech allerdéngs drop hiweisen, datt dee Conseil momentan aus fënnf Männer an enger Fra besteet. Wann een dann den Direkter derbäirechent, da si momentan insgesamt sechs Männer an eng Fra un der Spëtzt vun deem Établissement public.

Et bleift also nach e weínege Sputt no uewen, wann eng equilibréiert Verriedung vun de Geschlechter iergendwann an eiser Gesellschaft soll Realitéit ginn, eben och an de Conseils d'administration, woumat ech natierlech kengem Här seng Kompetenz wëll a Fro stellen.

► **Plusieurs voix.**- Aah!

(*Interruptions diverses*)

► **Une voix.**- Dem Här Delles seng scho guer net!

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- An dem Här Delles seng scho guer net.

Déi drëtt Disposition vum Projet de loi bezitt sech dann op d'Vente à distance vun Tabaksprodukter, déi verschäerft soll ginn. Och fir eis ass dat eng ganz sënnavoll Moosnam, well ganz vill gesondheetlech, awer och finanziell a juristesche Gefore mat där Vente à distance verbounne sinn. Ech ginn net weider drop an.

An déi véiert a lescht Disposition ass schlussendlech geduecht, fir de Psychiateren, déi e Studium an der Psychotherapie ofgeschloss hunn, d'Recht ze ginn, sech Psychotherapeut ze nennen. Och dës Decisioun ass an eisen Aen nëmme logesch, well déi Leit déi néideg Kompetenzen hunn an net vum Recht op d'Denominatioun „Psychotherapeut“ dierfen ausgeschloss ginn.

Firwat dëscht Recht net schonn am initialen Text vum Psychotherapeutengesetz enthalte war, mä eréischt elo an d'Gesetz ageschriwwen gëtt, ass mir allerdéngs net ganz kloer. Ech war nämlech dovun ausgegangen, datt d'Psychiateren, déi d'Fach vun der Psychotherapie studéiert hunn an zousätzlech jo och Medezinner sinn, sech d'office Psychotherapeut dierfen nennen. Vläch kënnt Dir eis dozou e puer Erklärungen ginn, Madamm Minister. Et ass, wéi gesot, net ganz kloer.

Dat gesot ginn ech den Accord zum Package vun deene véier Moosnamen, mat engem Merci un den Här Georges Engel fir seng Aus-



féierungen am Rapport an och mam Accord vun der grénger Fraktioun an engem Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Nächste Riedner ass den Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Villmools Merci, Här President. Ech ka mech kuerzfaassen, well d'ADR mat deene véier Punkten an deemem Gesetz d'accord ass. Merci dem Här Engel fir d'Presentatioun. Et ass och ganz richtig, datt mer hei endlech den Osteopath unerkennen. Et ass laang a breet erkläert ginn, firwat dat richtig ass. Mir deelen déi Iwwerleung voll. Mir kucken och nom Remboursement. Och d'Psychotherapie, datt d'Psychiatere sech kënne Psychotherapeut nennen, dat ass alles an der Rei.

Beim Conseil d'administration vu Munneref, do hunn ech awer elo e bësse misse schmunzelen, wéi ech der Madamm Lorsché nogelasscht hunn, jo, well engersäits entdecken déi gréng ëmmer dat biologesch Geschlecht vum Mënsch dann, wann et ëm Quote geet - hei ass erëm dat Quotendenken -, an op där anerer Säit soe se: „Dat biologesch Geschlecht gëtt et net, d'Geschlecht ass just e soziale Konstrukt.“

Et wär vläicht iergendwéi un der Zäit, datt Der lech decidéiert, wat dat dann elo ass! Ass et nëmmen e soziale Konstrukt, da ka jo jiddweren, deen do sëtzt, sech jo emol als Mann oder als Fra definéieren. Wann Der awer dat biologesch Geschlecht kuckt, ass dat ausgeschloss. Also iergendwou musst Der eng Kéier eng logesch Decisioun huelen, déi och fir aner Leit, déi net an Ärer Partei sinn, iergendwéi novollzëibar ass.

Dann nach e Punkt, deen och ganz interessant ass, dat ass deen iwwert déi Bestëmmunge vum Tubak. Do si mir och am Prinzip natierlech d'accord. Dës Regierung huet an engem staarke Moossname geholl, déi gebuer sinn aus där Erkenntnis eraus, datt den Tubak der Gesondheet ganz staark schuet, datt do grouss Geforen dermat verbonne sinn, a si huet successiv eng Moosnam no där anerer geholl, déi probéiert eben, de Konsum an den Handel mam Tubak anzudämmen.

Elo ass et awer esou, datt mer op där anerer Säit feststellen, datt bei deeneselwechte Parteien eng gewësse Sympathie ze si schéngt, fir dem Cannabis als gesond..., net als gesond, mä als Genossmëttel do eng gewëssen Toleranz ze weisen, wou eng Kontradiktioun eventuell ka bestoen.

Mir freeën eis dofir op déi Debatt, déi mer d'nächst Woch hei hunn, wann déi Petitioun iwwert de Cannabis als Genossmëttel zur Sprooch kënnt, well mer dann och ganz genee kucken, ob och do eng Regierung logesch, trei a kohärent argumentéiert, déi engersäits mat Recht, musse mer soen, d'Gefore vum Tubak ënnersträicht, an dann anerersäits awer elo mat der Fro vum Cannabis konfrontéiert ass.

Dat gesot, stëmmt d'ADR dese Projet mat a mir deelen a vollem Ëmfang notament déi Bestëmmungen iwwer Osteopathie a Psychotherapie, well dat och laangjäreg Fuerderunge sinn, déi a villen ADR-Wahlprogrammer scho waren a wou mer eis ëmsou méi freeën, fir déi hei kënne ze begrëssen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An nächste Riedner ass den Här Baum.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).** - Merci, Här President. Mir hunn et jo hei mat engem Gesetz ze dinn, a vill Virriedner hunn dat och scho gesot, wou véier verschidde Saachen an engem Gesetz geregelt ginn. An dat, wat an deene vergaangenen Deeg a Wochen am meeschte fir Oprou oder fir Diskussiounen gesuergt huet, dat ass eng Dispositioun, déi genau ee Wuert enthält, nämlech „Osteopath“. An et ass awer dat, wat, mengen ech, d'Ursach vun deenen Diskussiounen ass, eng gesellschaftlech Debatt iwwert d'Medezinn, iwwer aner medezinnesch Praktiken, déi hei zu Lëtzebuerg och scho ganz laang gefouert gëtt. An d'Madamm Hetto-Gaasch huet an hirer Introductioun och ganz sënnavoll a ganz gutt den Historique dovunner gezecheent.

Heimadder gëtt also de Beruff vum Osteopath unerkannt. E gëtt definéiert an den Här Engel huet zu Recht och gesot, datt et en alleréischte Schrëtt ass, deen eigentlech érischt déi gesetzlech Grondlag schafft, fir kënne all déi weider Froen ze klären, a wou ee sech duerchaus hatt kënne wënschen, datt vläicht d'Regierung dee Projet net érischt dräi Méint virum Enn vun der Legislaturperiod deposéiert hätt, mä éischter. Mä bon, besser spéit wéi ni. Well ech mengen, wann en éischter deposéiert gi wär, dann hätt een och ganz vill Froen, déi elo awer nach am Raum sinn, schonn am Virfeld kënne klären.

Mir begrëssen ausdrécklech d'Unerkennung vun deem Beruff. Den Osteopath huet eng ganzheetlech Approche zum Kierper. E gesäit de mënschleche Kierper als eng Unitéit. An ech mengen och, datt et net gutt ass, fir ëmmer vun „Alternativmedezinn“ ze schwätzen, mä et huet éischter e complementaire Charakter zu anere medezinnesche Praktiken.

Et ass e puermol drop higewise ginn, an der Vergaangenheet stoung ganz vill déi Fro vum Käschtefaktor am Raum. Ech mengen, datt e Remboursement duerch d'CNS vun deene Praktiken an doduerch eng méi grouss Accessibilitéit vun deene Praktiken och e positiven Effekt op d'Gesondheetskeess kann hunn, doduerjer datt schonn am Virfeld, ier e ganze Pèlerinage bei Spezialisten eventuell ënnerholl gëtt, bei bestëmmte Problemer kann agéiert ginn an domadder och eigentlech Käschte gespuert ginn.

Wat elo nach am Raum steet, dat ass d'Fro vum Remboursement, wou soit Mëssverständnisse, soit net ganz kloer Dispositiounen déi Saach net onbedéngt méi einfach maachen.

Mir sinn op jidde Fall der Meenung, datt, wann een eng Zwouklassemmedezinn verhénnere wëllt, et kloer muss sinn, datt dee Remboursement vun der CNS muss geschéien, souwuel op Prescriptioun vun engem aneren Dokter wéi awer och, wann den Osteopath den éischte Kontakt vum Patient ass.

Et hântk elo also ganz viles un den Negociatiounen mat der CNS. Mä esou wéi ech op jidde Fall elo emol alleguer d'Riedner hei an d'Fraktiounen hei verstanen hunn, ass et den ausdréckleche Wonsch vun der Chamber an hirer Unanimitéit, datt d'CNS do wierklech beoptragt gëtt, séier ze handeln a séier zum Ofschluss vun engem Conventionnement ze kommen, deen am Interessi vum Patient ass.

Dës gesot, gi mir och eis Zoustëmmung zu deemem Projet. Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Domat ass déi allgemeng Diskussioun ofgeschloss. An d'Wuert huet d'Gesondheetsministesch, d'Madamm Lydia Mutsch.

Prise de position du Gouvernement

► **Mme Lydia Mutsch, Ministre de la Santé.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, d'lescht Joer huet de President vun der Osteopathenassociatioun en Interview ginn, deen ech mat grousser Opmierksamkeet suivéiert hunn. An ech géif lech dofir gären zwee Zitater aus deem Interview virlesen: «Le danger potentiel que présente la situation actuelle pour le patient est qu'il soit confronté à un praticien insuffisamment formé à prendre en charge des patients en première intention.» An da weider: «Il y a à l'heure actuelle sept pays en Europe où la profession est réglementée.» En zielt se dann op. «Ces pays ont opté pour un enseignement de type master et font des ostéopathes des praticiens de première instance, c'est-à-dire sans consultation médicale préalable.»

Genee dat, Här President, maache mir haut an hei! An et ass och dat, wat den Objet war vu mengem Gespréich haut de Moie mam Auteur vun deem heiten Artikel, fir him zouzesécheren, dass mir näischt maachen, wat konträr ass zu eisem allgemenge Wonsch, nämlech dass den Osteopath ouni Prescription médicale vun de Patienté kann opgesicht ginn. An dofir engagéieren ech mech och haut op deser Plaz.

► **Mme Nancy Arendt (CSV).** - Ouni Remboursement!

► **Mme Lydia Mutsch, Ministre de la Santé.** - Iwwregens huet d'Regierung hiert Versprieche gehalen, well déi Dispositioun steet jo am Regierungsprogramm. An och dat liesen ech vir: «Le Gouvernement poursuivra ses travaux en vue de déposer un projet de loi portant réglementation de différentes formes de médecine complémentaire.» An: «La priorité sera réservée à la réglementation de la profession d'ostéopathe.»

An anere Wieder: Mir ginn also hei op de Wee, fir eng Professioun, déi et largement verdéngt, iwwerhaupt emol uerdentlech unzërkennen. Dat heescht, mir si schonn hei an enger Grauzon, déi mir fir eist Land net gutt fannen a wou mir mengen, dass et absolut noutwendeg ass, fir hei ze reglementéieren a fir där Professioun domadder déi Unerkennung ze ginn, déi se verdéngt.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Entschëllegt, Madamm Minister! Erlaabt Der eng Zwëschefro vun der Madamm Hetto? Et ass, wéi et lech arrangéiert, soss ass et fir herno.

► **Mme Lydia Mutsch, Ministre de la Santé.** - Bon, vläicht kann d'Madamm Hetto mer déi Fro herno stellen, wann ech net op hir Fro geäntwert hunn, well ech hu mer se allegueren opgeschriwwen. Voilà.

Elo ass hei och d'Fro gestallt ginn an deem Zesammenhang, firwat mer op deen dote Wee

gaange sinn, fir de Beruff vum Osteopath an d'Lescht ze huele vun den unerkannte Professions de santé.

Bon, dat ass ganz einfach ze erklären: Majo, well mer virun allem wollten an deser Legislaturperiod Wuert halen an déi Unerkennung vun der Professioun erméiglechen. Mir hunn also d'Decisioun geholl, fir en existent Gesetz, nämlech dat 92er Gesetz vun de Professions de santé, als Grondlag ze huelen, fir déi Professioun anzeschreiwen. Dat heescht, den Osteopath gëtt dee 25. Beruff, dee geregelt gëtt iwwert dat 92er Gesetz. An domadder hu mer da 25 Professiounen, déi ënnert dat dote Gesetz falen.

Mir hate virun dräi Joer eng Demarche geholl, déi e bëssen eng aner war, fir de Psychotherapeut. Hei si mer op de Wee gaange vun engem autonome Beruff, dee beim Collège médical ugesidelt ass. Wa mer déi nämlech Demarche hätte wëlle maache beim Osteopath, dann hätte mer e komplette Kader misse setze fir eng eegestänneg Autorité ordinale, fir e Registre professionnel fir eng Disziplin, fir eng Reconnaissance des titres de formation. An ech kann lech jo soen, dat kënnt Der lech virstellen, dass wahrscheinlech den Osteopath sécher net beim Collège médical ënnert d'Hauf komm wier. Dat heescht, mir hätten och guer net gewosst, wou mer déi Professioun an där Hsiicht sollten usidelen.

Elo hu mer awer dat 92er Gesetz. Do hu mer alles stoen, wat mer brauchen, fir de Beruff ze reglementéieren. An dofir hu mer dat op des Aart a Weis gemaach an dat ass dee Startpunkt, dee mer maachen, fir iwwerhaupt eng Grondlag ze schafen, fir de Beruff ze reglementéieren. An do wëll ech nach e puer Präzisierungen dozou ginn.

Erlaabt mer awer virun allem ze soen, wat mir besonnesch um Häerz läit! Dat ass, der Tatsaach Rechnung ze droen, dass d'Médecines complémentaires am Allgemengen an d'Professioun, d'Obsiche vum Osteopath am Besonneschen ëmmer méi vum Bierger wichteg geholl ginn an och sollicitéiert ginn.

Dat ass eng Realitéit, virun där mir d'Aen net verschléisse kënnen. Dofir geet et fir mech hei haaptsächlech drëm, fir enger Realitéit um Terrain Rechnung ze droen an de Beruff ze reglementéieren. Den Haaptobjektiv vun deser Reglementatioun ass dobäi virun allem, fir esou dem Patient méi eng grouss Sécherheet ze ginn, wat d'Prise en charge ugeet, an och d'Garantien ze schafen, dass hie bei sengem Osteopath a gudden Hänn ass. Well genee wéi bei anere Professiounen, déi sech seriö huelen, an dat ass beim Osteopath ausdrécklech de Fall, geet et där Professioun virun allem dorëms, fir déi schwaarz Schof ofzehalen a fir dem Patient eng Garantie ze ginn, dass e beim Osteopath a gudden Hänn ass. Dat hunn ech och erkläert de Moien, nodeem d'Deputéiert - a gentilerweis huet d'Presidentin vun der Kommissioun mech doriwwer au courant gehalten - ugeschriwwen gi waren, wat e bësse konfus war.

Déi Kontakter, déi mir an deene leschte Méint mat der ALDO haten, hu sech am Besonneschen bezunn op d'Ausféierungsbestëmmunge vun deem heite Gesetz, déi natierlech keen direkten Antriët hunn an d'Procédure législative, well mer jo do awer eng gewësse Gewaltentrennung hunn. Mä trotzdem hunn ech awer drop gehalen, dass virun allem déi Negociatiounen solle gefouert gi mat der ALDO, wann et ëm Formatiounen geet, wann et ëm Basisprinzip geet, well si si jo herno déi, déi direkt a Relatioun stinn zu der Ëmsetzung vun deem Reglement grand-ducal. An do muss ech soen, dass mer e besonnescht Aemierk op d'Konditiounen vun der Formatioun geluecht hunn.

Derbäi kënnt, dass mer mat der Unerkennung vum Beruff vum Osteopath wëssen, als Santé, als Direction de la santé, als Ministère, wien um Terrain dee Beruff ausüübt, well natierlech all Osteopath eng Autorisatioun beim Gesondheetsministère ufreet an dann domadder och an dem Regëster vun de Gesondheetsberuffer opgeléicht gëtt. Dat ass och wichteg, wann et emol sollt zu enger disziplinarescher oder penaler Prozedur kommen. Deen Ament huet dann d'Santé en Dossier a kann och mat hëllefen, e Suivi ze assuréieren, an och der Associatioun zur Säit stoen.

Wat ganz wichteg war an deene leschte Méint, an dofir wëll ech dat och hei erëmginn, dat ass déi Positioun vun den Osteopathe selwer, fir déi ganzheetlech Approche, déi si bei der Behandlung vum Patient hunn, dierfe geltend ze maachen.

Dat ass wierklech den A an O vun där Professioun an dat ass bei deenen Negociatiounen oder bei deenen Diskussiounen, déi mir gefouert hunn, och dauernd am Vierdergrond gewiescht. Dofir ass d'Exekutiounsreglement vun deem Gesetz och do: fir d'Aufgabe vun den Osteopathen ze definéieren, déi sech op d'Behandlung bezieen, och a Relatioun zu

deem, wat fir si wichteg ass, nämlech déi fonctionnel Stéierung vum Kierper ze verhénnern oder ze erliichteren.

Dofir dierf och den Osteopath all déi Techniken uwenden, déi am Règlement grand-ducal festgehal ginn an déi och den europäesche Standards entsprechen an déi mir och alleguer mat hinnen ofgestëmmt hunn. Dat heescht an anere Wieder, an dat ass och wichteg, dass mer och elo d'Zesummenaarbecht tëscht den Osteopathen an den Doktere regelen.

Dat heescht, et gi ganz kloer Garantien agebaut, dass den Osteopath weess, wéi eng Interventiounen en dierf maachen. An dat si se praktesch allegueren, ausser deenen, déi separat opgeléicht sinn. An déi hunn ech och am Dezember d'lescht Joer der Kommissioun gesot. Dat war nämlech dunn, wéi mer d'Reglement ugefaangen hunn auszuschaffen. Dat sinn Interventiounen bei Bëbeeën ënner sechs Méint, an do virun allem Interventiounen um Kapp an um Gesicht vum Bëbee an och un der Wirbelsail vu Bëbeeën ënner sechs Méint. An et sinn op där anerer Säit och Behandlungen vun der Halswirbelsail, dat heescht de Cervicall, souwuel bei Kanner wéi och bei Erwuesenen.

Dat steet also dran. Dat ass also gewosst. Dat heescht, fir all déi aner Saache kann ee bei den Osteopath goen, ouni eng Prescriptioun mussen ze hunn. A souwisou ass et jo och gewosst, dass déi medezinnesch Interventiounen den Doktere virbehale bleiwen. An ausserdem ass et jo och haut schonn esou, dass den Osteopath souwisou de Patient bei den Dokter orientéiert, wann e Symptomer huet, wou e medezinneschen Diagnostic oder Traitement néideg ass, oder wann de Patient Stéierungen opweist, déi iwwert d'Kompetenze vum Osteopath erausginn. Dat ass eng Obligatioun an do ass keng Annerung dobäi.

Mir hunn elo ëm déi 60 Osteopathen, déi hei am Land aktiv sinn an déi eng formidabel Aarbecht leeschten. Dat wëll ech hei och soen.

Wéi soll dat elo praktesch ëmgesat ginn? An da kommen ech och nach op eng Rei vu Froen ze schwätzen, déi hei gestallt gi sinn.

Am Prinzip ass et esou, dass de Patient an Zukunft de Choix huet, dass en entweder direkt bei den Osteopath ka goen, esou wéi bis elo; mä mir schafen awer och eng Grondlag hei, dass den Dokter an Zukunft den Osteopath och ka verschreiwen, well wann et keng unerkannt Professioun ass, da ka par définition en Dokter den Osteopath och net verschreiwen. Déi Grondlag, déi schafe mer also heimadder. Dat war bis elo net méiglech, well en Dokter ka säi Patient nëmmen iwwerweisen, wann et en unerkannte Gesondheetsberuff ass.

Mir hunn dann och, an dat ware Froen, déi hei gestallt gi sinn, mat der Unerkennung vum Osteopath, déi mer iwwert dës Gesetz maachen, eng Grondlag geschaaft, fir dass de Patient kann ënner bestëmmte Konditiounen vun der Gesondheetskeess rembouréiert ginn.

An ech wäert mech hidden - dat ëmsou méi, dass ech hei ënnert dem wuechtsame Bléck vum Sozialminister dat soen -, hei ze anticipéieren, wat bei deenen zukünftigen Negociatiounen tëscht dem Beruffsstand vun den Osteopathen an deene Gremien, déi dofir do sinn an déi net ënner menger Tutelle sinn, wäert erauskommen! Dat wëll ech hei net maachen.

Ech hunn zwar iwwert déi eng oder aner Saach meng Meenung, wou ee vläicht an der Zukunft déi puer systemesch Diskussiounen ka féiere ronderëm d'Interpretatioun vum Artikel 23, wat d'Rigiditéit bei de Remboursementen ugeet, mä fir de Rescht ass dat net a mengen Zoustännegkeeten, fir hei Aussoen ze maachen, déi am Genre leien: „An da wäerten ab deem Datum déi an déi Remboursementsmodalitéite gëllen.“ Dat ass net dofir do.

Dat heite Gesetz schaaft just d'Prelabelen, fir dass déi Negociatiounen iwwerhaupt kënne gefouert ginn. A wann d'Associatioun vun den Osteopathen der Meenung ass, dass dat näischt bréngt, da musse se déi net féieren, da kënnt et net dozou. Da gëtt et keng Konventioun an da gëtt et och keng Nomenclature. An da kann dat weiderlaffe wéi bis elo.

Mir wäerten dofir dat Reglement, dat all déi Modalitéite klärt, och relativ zäitno zum Vott vun deem heite Gesetz ëmsetzen. Dat ass och ganz wichteg, well do zentral Bestëmmungen dra sinn, och wat d'Formationskritären ubelaangt, an déi Exceptionen, déi ech lech éineschters opgeléicht hunn.

Ech géif awer gären ofschléissend nach zwou Froen beäntweren, déi net a Relatioun zum Osteopath sinn:



Dat ass de Verwaltungsrot vu Munneref. Do hu mer eng Kompositioun, déi ass komplett paritéitesch: Mir hu 50% Fraen a mir hu 50% Männer. A mir hunn zwee Experten, do ass een Expert e Mann an een Expert eng Fra. A wa mer elo déi perfekt Paritéit net méi grad hunn, well de Buergermeeschter vu Monnerech e Mann ass, dann, mengen ech, wäert Der net vu mir erwaarden,...

► **Plusieurs voix.** - Mondorff!

► **Mme Lydia Mutsch**, *Ministre de la Santé.*- Vu Mondorff!

...dass ech mech dofir entschëllegen; mä dat ass ee vun deene Verwaltungsreit, wou mer en Equilibre hunn.

Wat d'Detailer ugeet ronderëm d'Ëmsetzung vum Fëmmgesetz, do wëll ech gären dem Här Graas, well ech mech elo net wëll aventuréieren, déi lescht Zuele matbréngen. Mir hu keng Hiweiser drop, dass d'Fëmmgesetz a senger Ausféierung op de Spillplazen, op de Sportsplazen net géif respektéiert ginn. An ech si perséinlech der Meenung, dass een all puer Joer Adaptatiounen muss maache beim Fëmmgesetz, well mer gemierkt hunn, dass domadder awer d'Zuel vun de Fumeuren, virun allem bei deene Jonken, kontinuéierlech erofgeet.

An ech mengen, do hu mer eng Allianz mat der Fondation Cancer, déi, wa mir et vergiesse géifen, eis et ëmmer erëm géif soen. A fir de Rescht wier ech frou, wa mer eng breet Zoustëmmung fir dëst Gesetz hätten, wat a mengen Aen e ganz wichtegt Gesetz ass.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Merci, Madamm Minister. Ech hat virdrun e puer Wuertmeldungen. Bleift wann ech gelift hei, Madamm Minister! D'Madamm Hetto-Gaasch, wann ech gelift.

(*Interruption*)

Esou soll dat sinn!

► **Mme Françoise Hetto-Gaasch** (CSV).- Jo, Merci, Här President. Majo ech hunn effektiv net richtig verstanen, Madamm Minister, wéi dann elo Är Äntwert ass. Ech muss dat virlesen aus deem Mail do. Do schreift d'ALDO, der ALDO hir grouss Angscht wär, dass, wann d'Gesetz géif ugeholl ginn, de Patient nëmmen d'Fraisen zrëckbezuelt kréich, wann en eng Ordonnance médicale hätt. Dir hutt hinnen assuriert, dass dat net de Fall wäert sinn.

Dat heescht, meng Fro ass konkret: Wann een dohinnergeet ouni Prescription médicale, et bezilt een aus senger eegener Täsch, kritt een dat rembourséiert, jo oder neen? Dir hutt hinne gesot: „Jo“. Ech wëll och nach eng Kéier, dass Der vläicht heibannen da sot, ob dat wierklech esou ass, well dat hu mer elo net esou aus Ären Explikatiounen eraus verstanen.

► **Mme Lydia Mutsch**, *Ministre de la Santé.*- Effektiv huet d'ALDO mir eng duebel Fro gestallt.

Si hu mech éischters gefrot, ob si an der Zukunft nëmme méi kënne schaffen op der Grondlag vu Prescription-médicallen. Do war meng Äntwert drop: Neen, dat ass eng onbegrenzte Suerg.

An deen zweeten Deel vun der Fro war: „Kënne mir nëmmen e Remboursement kréien an Zukunft, wann eng Prescription médicale ass?“ An do hunn ech lech d'Äntwert ginn, dass dat hypothekéiert ass vun den uestoenden Negociatiounen. Dat heescht, dass et ofhängeg ass vun enger Konventioun, vun der Kreatioun vun der Nomenclature an dass et weder a mengen Attributiounen ass nach a menge Méiglechkeeten, fir do elo eng Ausso ze maachen, well dat sprengt de Kader vu menge Méiglechkeeten.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Er-laabt Der nach eng Zousazfro, Madamm Minister?

► **Mme Nancy Arendt** (CSV).- Madamm Minister, Merci fir Är Explikatiounen. Allerdéngs - net zu där doter Thematik - bleiwe fir mech awer nach eng Rei vu Froen op an och ze klären.

Dir hutt, a mat Recht, gesot, datt Der d'Sécherheet an de Vierdergrond géift stellen an eng extrem héich Formatioun hei géift ustriewen. Dat fanne mer begrëssenswäert: 4.800 Stonne mat engem Memoire derbäi; 40 Stonne Formation continue all Joer. Do si mer begeeschtert driwwer.

Ech wollt awer just soen: Meng Begeeschterung hält sech manner grouss iwwert dat, wat déi Période de transition ugeet. Do hutt Der virgesinn: zéng Joer Experienz als Osteopath. Or, huet de Beruff Osteopath jo net existéiert.

Dat heescht, hunn ech lech richtig verstanen, datt en Osteopath, deen zum Beispill dann am-plaz vun deene 4.800 Stonne just 500 Stonne Formatioun gemaach huet a sech Osteopath nennt, dann, wann en zéng Joer praktizéiert huet hei, sech an déi nämlechte Kategorie kann areie wéi déi Osteopathen, déi den D.O. hunn, déi also déi 4.800 Stonne plus Memoire gemaach hunn? Wivill Stonne mussen se als Base hunn, ier se déi zéng Joer Experienz kënne validéieren, fir sech da kënne Osteopath elo an Zukunft ze nennen?

Merci.

► **Mme Lydia Mutsch**, *Ministre de la Santé.*- Jo. Also, mir hunn déi nächst Woch nach eng Reunioun, fir Detailmodalitéiten auszedäitschen. Ech hunn lech jo gesot, dass mer en Exekutiounsreglement hunn, wou d'Detailer präziséiert ginn. Mir hunn och entre-temps en Avis vum Statsrot kritt. Dat heescht, do hu mer schonn eng Méiglechkeet, nach déi eng oder déi aner Nobesserungen ze maachen.

Mir geet et virun allem drëm, fir ze verhënnere, dass mer herno nach esou vill Klärungsbedarf hu wéi ronderëm d'Psychotherapeutege-setz. An dofir wëlle mer do awer och eng large Interpretatioun hunn, fir eng Période de transition ze assuréieren, an op där anerer Säit awer derfir Suerg droen, dass déi Formatiounscontrainten, déi minimal Contrainten, déi mer och an der Kommissioun definéiert hunn, dass déi awer kënne applizéiert ginn.

(*Interruption*)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Jo, also ech géif mengen, dass mer zur Ofstëmmung sollten iwwergoen iwwert den Ensembl vum Projet 7283. Soss froen ech mech, a wat fir enger Prozedur dass mer sinn!

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7283 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. Den Zähler bleift stoen.

A 55 Deputéierter hunn um Vott deelgeholl a mir hu 55-mol jo. Dat ass also Unanimité bei deenen, déi um Vott deelgeholl hunn.

► **Plusieurs voix.** - Aah! Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Domat ass de Projet adoptéiert.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, M. Aly Kaes, Mme Claudine Konsbruck, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par Mme Claudia Dall'Agnol), Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Claude Lamberty, Edy Mertens (par M. Eugène Berger) et Mme Lydie Polfer;

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens ze froen? Ass dat esou?

(*Assentiment*)

Dann ass dat och esou decidéiert.

A mir ginn zum nächste Projet iwwer, dem Projet 7277, enger Konventioun mat der Belsch iwwert d'Kooperatioun am Beräich vun de Medikamenter. An d'Wuert huet d'Rapportrice, d'Madamm Cécile Hemmen.

3. 7277 - Projet de loi portant approbation de la Convention de coopération entre le Grand-Duché de Luxembourg et le Royaume de Belgique en matière de médicaments et de produits de santé, fait à Luxembourg, le 17 janvier 2018

Rapport de la Commission de la Santé, de l'Égalité des chances et des Sports

► **Mme Cécile Hemmen** (LSAP), *rapportrice.*- Merci, Här President. Dir Dammen, Dir Hären, et ass e ganz klengt Gesetz, wat ech lech hei presentéieren, e Gesetz, wat sech op een Artikel beschränkt a wou et drëms geet, fir déi bilateral Konventioun vum 17. Januar 2018

tëschent Lëtzebuerg an der Belsch guttzeheeschen, wat d'Kooperatioun ubelaangt a puncto Kontroll vun de Medikamenter a soss Gesondheetsprodukter.

De legale Kader soll geschafe ginn, fir gegebenenfalls d'Inspektion an och d'Iwwerwachung ze maache bei den Hiersteller an och den Distributeure vun de Medikamenter opgrond vun der EU-Norm, de Good Manufacturing Practices. Et muss ee wëssen: Soubal wéi Lëtzebuerg iwwer en Accord op internationalem Plang engagéiert ass, muss eng parlamentaresch Approbatioun virleien.

An deem Sënn ass de Gesetzesprojet den 13. Abrëll 2018 vun der Gesondheetsministesch deposéiert ginn. An den 13. Juni huet de Statsrot säin Avis ginn, wou och näischt beanstant gouf. Mir haten de Projet dräimol an der Santéskommissioun um Ordre du jour. An hei gouf dann och den 12. Juli de Rapport unanime ugeholl.

Wéi scho gesot, geet et hei drëms, fir d'Zusammenaarbecht ze verstärken tëschent Lëtzebuerg an der Belsch, eng Kooperatioun, déi schonn op verschiddenen Niveaue praktizéiert gëtt, am ganzen Zyklus souzesoe vun engem Medikament oder och soss Gesondheetsprodukter, esou wéi et am belsche Gesetz vum 20. Juli 2006 festgehalten ass iwwert d'Schafen an de Fonctionnement vun der Agence fédérale des médicaments et des produits de santé du Royaume de Belgique.

D'Konventioun u sech baséiert op néng Artikelen, wou d'Kooperatioun och am Detail beschriwwen gëtt. Et geet vun der Iwwerwachung vum Medikamentemarché iwwert d'Etüden, d'Evaluatioun vun den Dossiere bis hi bei den Echange vun Expertisen an och soss Informatiounen. Och ginn hei sämtlech Aktivitéiten an d'A gefaasst, déi a Relatioun sti mat Medikamenter, mat medezinnesche Produkter, mam Blut, mat Zellen oder och soss mënschlechen Tissuen.

Bis elo hat Lëtzebuerg keng Medikamentenhersteller an dofir och keng Inspekteren, fir déi sougenannt Good Manufacturing Practices duerchzuféieren. An Zukunft sollen awer esou Inspektore forméiert ginn. A bis et souwäit ass, wäerte mer nach op eis belsch Noperen zrëckgräifen.

Déi bilateral Relatioun, déi berout och op géigesäitegem Respekt vun den nationale Gesetzgebungen an den administrative Prozeduren. Op politeschem Plang berout d'Konventioun op enger gemeinsamer Deklaratioun, der sougenannter „Gäichel IX“ vum 4. Juli 2016, als Weiderféierung vun den enke Relatiounen, déi schonn ënnert der éischter Gäichel-Konventioun 2004 festgehallegoufen.

Souwäit dat Wichtigst, wat ech zu dësem Gesetz ka soen. Ech ginn den Accord vun der sozialistescher Fraktioun a soe Merci fir d'Opmierksamkeet.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Merci och der Madamm Rapportrice. An ech wëllt hei d'Fro un d'Kollege stellen, ob déi Hären Halsdorf, Graas, d'Madamm Lorsché an de Fernand Kartheiser just den Accord wëlle ginn oder ob se méi am Detail wëllen drop agoen.

(*Interruption*)

Et ass d'Fro un lech. Wann et méi wéi en Accord ass, sidd Der selbstverständlech fräi...

► **Une voix.** - Et ass just den Accord.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Et ass just den Accord.

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- ...soss dauert dat doten nach méi laang.

► **Une voix.** - Haha!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Da soen ech lech Merci. An ech ginn der Madamm Gesondheetsministesch d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **Mme Lydia Mutsch**, *Ministre de la Santé.*- Merci, Här President. Ech hunn deem ausféierleche Bericht vun der Rapportrice och näischt méi bäizefügen. Et ass e wichtige Projet.

Ech sinn och frou fir d'Vertraue vun alle Parteien. Ech hat awer éneschters vergiess, dem Rapporteur zum viregte Gesetz Merci ze soen, dem Här Engel. Da wëll ech dat och heimmadder nach maachen.

► **Une voix.** - Quand même!

► **Mme Lydia Mutsch**, *Ministre de la Santé.*- Dat war och e ganz gudder Rapport. An domadder hätte mir dann och als Regierung eis Kontributioun ofgeschloss.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Merci gesot. Da kënne mer elo iwwert de Projet 7277 ofstëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7277 et dispense du second vote constitutionnel

De Vott ass lancéiert. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An de Vott ass ofgeschloss.

A mir sinn erëm zu 60!

► **Plusieurs voix.** - Aah!

(*Hilarité*)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Unanimité! Domat ass de Projet ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, M. Aly Kaes, Mme Claudine Konsbruck, M. Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par Mme Claudia Dall'Agnol), Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles (par M. Gusty Graas), Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(*Assentiment*)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

Den nächste Projet ass de Projet 7004 iwwert d'Modernisatioun vun der Gestiou vun den ëffentleche Gelder am Beräich vun der Santé.

► **Une voix.** - Den Här Engel ass do.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Jo, et ass e bëssen enigmatesch, mä de Rapporteur, den Här Engel, wäert eis méi doriwwer soen.

4. 7004 - Projet de loi modifiant

1. le Code de la sécurité sociale;

2. la loi du 27 juin 2018 ayant pour objet l'organisation de l'Université du Luxembourg;

3. la loi modifiée du 30 juillet 1960 concernant la création d'un fonds national de solidarité

Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

► **M. Georges Engel** (LSAP), *rapporteur.*- Merci, Här President. Ech maache mäi Besch, fir dëse ganz, ganz technesche Projet dann hei esou gutt wéi méiglech eriwwerzebréngen, deen awer intern fir d'Sécurité sociale an d'Inspection générale de la sécurité sociale vun enger grousser Wichtigkeet ass. D'Zil vun dësem Projet ass et näamlech, d'Gestioun vun der Sécurité sociale ze moderniséieren an d'Gouvernance vun deene verschiddenen Institutionen ze verbesseren.

Wat heescht dann elo d'Gouvernance, eng bonne Gouvernance? Wat heescht dat genau? Ma Regierung a Stat si responsabel virun de Bierger, fir gutt a sënnavoll a responsabel mat dem ëffentleche Geld, mat den ëffentleche Gelder ëmzegoen. An duerfir brauch een eng effikass Gestion des risques. Et brauch een awer och Kontrollmechanismen, fir ze kucken, wou d'Suen am Endeffekt highaange sinn. An et brauch ee virun allem, an dat war eis och ëmmer ganz wichteg, Transparenz. Et muss ee wëssen an novollzéien an noverfolge kënne, wou dann déi ëffentlech Gelder higin.

Duerfir besteet dann och d'Obligatioun fir d'Institutionen vun der Sécurité sociale, fir en Dräijoersplang bei der IGSS eranzereechen. Déi soll präwien, dass d'Objektiver realistesch a kohärent si par rapport zu deene Mëttele, déi dra virgesi sinn. D'IGSS mécht also elo och d'Surveillance um Niveau vun der Gouvernance, ouni awer um operationellen Niveau anzegräifen.

Effektiv, zanter dem Gesetz vum 13. Mee 2008 iwwert de Statut unique goufen der IGSS hir Missionen ausgedent: Zousätzlech zu der Kontroll vun der Regularitéit vun de Finanzoperatiounen an der Kontroll vun der Legalitéit koum nach d'Kontroll vun der Gestiou derbäi.